Oktober 2016

den EU-Pefferkär

ACRE
ALLIANCE OF CONSERVATIVES AND REFORMISTS IN EUROPE

Luucht an déi däischter Kummer!

Aus AECR gëtt ACRE

Zanter 2010 ass d'ADR Member an enger Allianz vun europäesche Parteien, déi iwwert d'Europäesch Unioun eraus och Parteien aus dem Europarot verbënnt. Well et sech méi liicht ausschwätze léisst, ass kierzlech den Numm vun der Allianz op ACRE (Alliance of Conservatives and Reformists in Europe) ofgeännert ginn.

Eng grouss Famill

„Eis politesch Famill ass gewuess an esou zu enger regelrechter Kraaft an der Europäescher Politik ginn", hält den ACRE-President Jan Zahradil fest. D'Allianz besteet aus 24 Parteien. D'Ziler sinn an der Deklaratioun vu Reykjavik festgehalen. Et geet do ëm d'Verdeedegung vu perséinleche Fräiheeten, vun der nationaler Souveränitéit, vun der parlamentarescher Demokratie an dem Rechtsstaat.

The ACRE is recognised and partially funded by the European Parliament. The views expressed in this publication do not necessarily reflect those of the European Parliament. The European Parliament cannot be held liable.

D'Europäesch Unioun wackelt, an dat net nëmme well d'Britten iwwer Referendum entscheet hunn, d'Gemeinschaft ze verloossen. Och am Osten, an de Länner, déi laang hu missten no der Päif vu Moskau danzen, huet d'Loscht, de Kommandoe vu Bréissel ze follegen, staark ofgeholl. Dëst och, well am Dossier Flüchtlingen, ënnert Lëtzebuerger Presidence an ënnert dem Drock vum Bausseminister Jean Asselborn, dëse Länner den Aarm gebéit ginn ass. Et war falsch, eng Decisioun, Majoritéit géint Oppositioun, ze forcéieren, amplaz wéi üblech am Konsens ze entscheeden.

Fir et kloer an däitlech ze soen: D'ADR ass sech bewosst, datt Lëtzebuerg Europa brauch, datt d'Unioun eisem Land vill Virdeeler (awer net nëmmen) brëngt an datt eist kléngt Land sech haut keng eege Währung ka leeschten. Et ass awer falsch, d'ADR als Euroskeptiker ze bezeechnen. Richteg ass, datt d'ADR d'Entwécklungen an der Europäescher Unioun mat dem néidegem Realismus betruecht, a grad dowéinst verlaangt, nees op d'Grondwäerter vun der Gemeinschaft zeréck ze kommen, esou wéi se viru bal 60 Joer vun de „Pappe vun Europa" festgeluecht goufen.

D'ADR ass fir en Europa vun den Natiounen, an deem d'Souveränitéit vun all Land respektéiert gëtt, a géint de Federalstaat, wou nach just d'Majoritéit – wéi déi dann och ëmmer definéiert ass – eppes ze soen huet. D'Europäesch Unioun gouf als Wirtschaftsunioun gebuer, d'Gemeinschaft vu Kuel a Stol. Ouni d'Bierger ze froen (a wann,

da sinn d'Resultater vun de Referendumen dacks net respektéiert ginn), hunn d'Politiker Europa ëmmer méi Kompetenzen a souverän Rechter iwwerdroen.

Wéi sot e Lëtzebuerger Politiker, deen et bis un d'Spëtzt vun den Europäeschen Institutioune gepackt huet: „Ich habe noch keine dunklere Dunkelkammer gesehen" (zum Konvent, Juni 2003). Leider ass och mam Jean-Claude Juncker net méi Luucht an déi däischter Kummer era komm! Muss ee sech da wonneren, wann d'Vertrauen an déi Europäesch Institutioune verluer geet, esou guer dann, wann Europa Positives am Déngscht vum Bierger mécht.

Decisioune vu Parlamenter aus Memberstaaten, déi aus legitimmen a fräie Walen ervir komm sinn, gi vu Bréissel (a vum Här Asselborn) a Fro gestallt. D'Verhandlunge mam neie „Sultan" vun Ankara ginn awer monter weider gefouert! D'ADR fuerdert, och fir d'Iddie vum vereenegten Europa héich ze halen, datt ee vir allemol kloer gemaach gëtt, datt d'Tierkei net an d'Unioun gehéiert. D'ADR ënnerschreift dem Europa vun haut kee Blankocheck, a wëllt em net fir ëmmer nei Rechter iwwerdroen.

D'ADR steet fir e realistescht Europa, dat d'Zoustëmmung vu senge Bierger huet: eng Unioun, déi hir baussecht Grenze schützt, fir déi banneschte Grenzen opzeloossen; eng Wirtschaftsunioun, déi de Chômage an déi sozial Ausgrenzunge wierksam bekämpft, an eng Gemeinschaft, déi sech och hierer Verantwortung fir d'Sécherheet bewosst ass.